

# Eng Grënnesch Kaz

Owes, wann uewen an der Stad d'Luuchten an de Bistroen äusgin, an déi kleng Parkplazen ënnen am Gronn sou struppevoll stin, datt kee méi vijenzeg an hannerzeg kënnt, da sëtzt méi wéi eng Kéier eng schwaarz Kaz op där neier Mauer laanscht de Biisser Wee. Se hat nach viru fënnef Joer en Numm, mä dat weess dat jonkt Geméis nët, dat owes laanscht geet an an de Grënnesche Bistroe verschwënnt. D'Kaz léisst sech upaken an heemelen, pëtzt d'An zou, wann een er léif schwätzt, mä fonkelt genee sou hell a waakreg, wann se mat Dommen ze don huet, déi se zecken oder erféiere wëllen. Da kann se fierchterlech späizen a verschwënnt da mat e puer Sätz uewenäus an de Fielsen.

Dës Kaz huet eng Geschicht, mä 't as och dem Louis Blondell séng. Nach äusgaangs der achtzeger Joren hat en séng Häip an dësem Eck vum Gronn; se gouf wechgerappt, wéi se de Gronn opgemiwelt hun. Ëm déi Zäit war et scho laang roueg gin a Blëndels, wéi déi Grënnescher d'Häip genannt hun. Dem Louis säi Maria haten se well an de siechzeger Joren op de Fetschenhaff gefouert, déi zwee Meedercher waren allebéid anzwousch am Minett bestuet, a just de Karel, de Bouf, huet beim Papp gewunnt. Dat heescht, enges Daags war en rëm do; d'Fra war him vun haut op muer ugedréckt.

Dee Männerstot war kee gudden. De Louis hat séng Rent, mä de Karel louch him all gudden Dag op der Täscher. Se hun nët vill matenee geschwat, a wann, da foule meeschtens Knäll. An der Zäit war de Louis en iwwerzeegtene Kommunist an éiweg virbäi, wann d'Plätterchersleër gestreikt hun. De Karel war guer näischt. E war just bei der Gemeng; an an de Bistroen. Dreem hat en, dat konnt keen em ofstreiden; Dreem vun engem eegene Bistrot. Säi Papp huet him een-, zweemol gesot, wat en dovou géif halen.

Roueg wéi op engem Kiirfecht gouf et a Blëndels, nodeems de Karel enges Owes de Mätti bei den hënneschte Patten erwëscht an him de Kapp widdert dem Stuwweschaf a Mujele geschlon hat. De Mätti war dem Louis säi léifste Kueder, mä deen hat et gewot, dem Karel säi Stéck Lyoner vum Teller ze stibitzen.

De Louis konnt schon ëmmer verbruet sin, wann e wollt. En huet nët nëmme kee

Wuert méi mam Karel geschwat, en huet em och d'lessen nët méi gemaach; a Suen huet en em scho guer keng méi räusgerékelt. Mä dat war nach nët alles. E puer Deeg, nodeems en de Mätti am Gaart begruewen hat, huet en dermat ugefaangen. Géint der Owend as e mam Maria sénger aler Posch duurch de Gronn gefatzt an huet eng Dose Kaze gefiddert, vun deenen e wouss, datt s'op der Gaass doheem wieren. Mat der Zäit kruten s'all en Numm: den Nicky an d'Pummel äus der Thilleschgaass, d'Kitty, de Strummert an den Napoleon vun der Millen, den Nero äus der Plätisgässel, d'Brickett an dee Wäisse vun der Rumm, an och d'Grimmelchen mat sénge véier Jonger, dat de Louis bei den eidle Kanéngerchersställercher uewen am Hankfond hat, an dat, wie weess vu wou, op eemol an séngem klenge Gaart doheem war.

Wann de Louis mat der Posch duurch de Gronn geschloft as, dann hun d'Äuslänner geduecht, deen Alen hätt se nët méi all, mä wie vun Dag zu Dag méi rose gouf, dat war de Karel. Ech hu scho gesot, de Louis konnt e Verbruetene sin. En huet déi friem an och séng eege Kazen nët mat egal wat gefiddert. All zweeten Dag, wann en séng Kommissiounen uewen an der Stad gemaach hat, huet en all deene Kazen doheen an der Kichen Flesch a Fësch a kleng Stécker geschnidden, an dat Gefréiss koum bäileiwen nët äus Béchsen. Séngen zwéin eegene Kuederen, dem Krappert an dem Rouden, huet en seguer vun séngem eegenen Teller matgin. Méi wéi eng Kéier huet de Karel d'Tellere mat de

Reschter drop mam Fouss gestouss an as Béier drénke gaang, amplaz sech selwer eppes ze kachen. A wann e schwéier gelueden heem koum, an d'Kazentellere stoungen nach ëmmer hallef voll beim Spullsteen, da gouf e rosentopech. Mä eent hat de Louis him gesot: „Wann s d'nach eng vun de Kazen upeeks, da vreckes d'am Schlof“!

Ganz laang huet de Louis séng sëlliche Kazen nët méi gefiddert. Em déi Zäit ongeféier, wéi dem Grimmelchen séng Kleng grouss waren a verschwonnen sin, krut de Louis e Schlag. E war e puer Wochen am Spidol, a wéi en heem koum, konnt en nët méi schwätzen an huet misse mat zwéi Bengele goen. De Karel an déi zwéi Kuedere ware fort, an de Louis huet ni räusfond, wat mat de Kuedere geschitt war. Dat mam Karel huet en nët gefochst. Wéi en déi éischte Kéier mat de Bengelen uewenäus an de Gaart getrëppelt as, fir no den Tomaten ze kucken, as eppes him ëm d'Bee geschlach an huet un de Gummië vun de Bengele geroch: D'Grimmelchen; mudderséilen eleng.

Kuuz ier de Louis gestuerwen as, wouss e schon, datt d'Gemeng séng Häip géif ofrappen. Op där Plaz gesäit een haut just nach zwee Kellerlächer am Fiels an no vir eng nei Maierchen. Mä säi Stéck Gaart as nach do; dee leschte Summer hun seguer nach e puer verkniewelt Tomaten duurch d'Graspitsch geglénnert.

An d'Grimmelchen as nach do. Mä wéi gesot, 't weess haut kee méi, datt et sou heescht.

josy braun

